

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2022


Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Baussen- an den Här Verdedegungsminister weiderzeleeden.

Besonesch déi fréier Ostblockstaaten an der EU an der NATO an hei virun allem déi baltesch Länner a Polen vertrieden eng dacks ganz radikal antirussesch Positioun besonesch och am aktuelle Kontext vum Konflikt an der Ukrain. Russland beschëllegt elo Litauen, de Persounen- a Wuerverkéier mat der russescher Enklav Kaliningrad ze blockéieren an domat méi wäit ze goen, wéi d'EU-Sanktiounen an d'EU-Recht et virgesinn. D'EU a Litauen dementéieren eng Blockad vu Kaliningrad. D'EU wëll dat awer nach rechtlech iwwerpräiwen.

Et ass evident, datt dës Entwécklung ka ganz geféierlech ginn. Dowéinst wéilt ech der Regierung dës dréngend Fro stellen.

1. Wéi schätzt d'Regierung déi aktuell Spannungen tëschent Russland a Litauen an? Ass si der Meenung, datt Litauen am Kontext vu Kaliningrad iwwer déi europäesch Sanktiounen eraus geet oder si strikt respektéiert?
2. Am Fall wou Litauen d'Sanktioune sollt korrekt applizéieren, missten d'EU-Sanktiounen dann net esou ugepasst ginn, datt et net zu enger Kris em Kaliningrad ka kommen? Wann nee, also wann Litaue sollt Russland wëlle provozéieren, wéi wëll d'Regierung da reagéieren?
3. Am Kader vun der eFP (enhanced forward presence) vun der NATO si Lëtzebuerger Militär a Litauen. Am Fall wou Litauen d'EU-Sanktioune sollt „iwwerinterpretéieren“ a bewosst a virsätzlech d'Spannung mat Moskau sollt erhéijen, wär d'Regierung bereet fir déi Lëtzebuerger Militär direkt ze rapatriéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten